

Jean-Paul Hoffmann

Altesse Royale, Excellenzen, dir Dammen an Hären, léif Veiner

Am Jor 1990 hon d'Veiner Geschichtsfrënn e Bouch erousgän mam Titel « **Freed a Leed zu Veinen 1939-1945** ».

Dëst Bouch finkt uan mam Besuch vuan der Grand-Duchesse Charlotte, den 22. Mai 1939 wi mer hei zu Veinen wi iwerall am Land, d'Jorhonnertfeier vuan eiser Uanofhängigkät fir de Kanton Veinen gefeiert hon an ët heelt op mam Besuch vuan éiser Grand-Duchesse de 7. Mai 1945 och hei zu Veinen mä an ëm ganz anere Veinen.

Den 22. Mai 1939 ass **d'Grand-Duchesse Charlotte** a Beglädung vuam Frënz Félix an dem Pränz Jean, an läwicht-Veinen vuam Burgemäster Edouard Wolff empfangen gän. Veinen hat sich ërousgefitzt: Portaler, Girlanden a Fuandelen hon éis Stad vuan der schinster Séit gewiesen. D'Klocken ho gelaut an d'Leit ho « Vive » gerouf wi de Cortège mat den Autoritéiten durich Veinen gezuoren ass wu së dann om Maysgoort op dem fréiere Musik-Kiosk Platz geholl haten fir dë Rieden nozelousteren. De Pierre Bertogne hat dës Feier an ëm Stommfilm fir d'Nokommen festgehalten.

D'Stëmmung war awer och well du bedrëckt. Gro Wolleken sën om Horizont opgedoucht. D'Fréihätssonn déi mir su lang geséien haten, sollt geschwën ën déistere Schleier kreien ir së komplett mat lichte sollt ophalen.

Dë 15. Mai 1939, än Woch mi fréi, wi éis Grand-Duchesse zu Veinen op Besuch war, hot den **Hitler de Westwall** zu Körperich, nët weit vuam Veiner Sanatorium déiséit vuan der Grënz hannert dem Kammerwald, inspiziert.

Nët mi spit wi dën 4. September 1939 hot du de **Veiner-Gemänerot** déi ischt Mossnahmen beschloss: D'Keeleren vuan Öffentliche Gebeier sollten agericht gän fir d'Bevölkerung a Schutz kënnen ze bringen.

Den **10. Mai 1940 moies ëm 4.35h** war ët du suwéit: Unitéiten vuan der 2. Panzer-Divisiun hon zu Veinen d'Grënz iwerschratt. Luos a luos hot de Nazi-Regime sich och zu Veinen brät gemach.

Ët hot awer du nët lang gedauert bis **d'Reesistënz** sich hei am Land organisiert hot.

Am September 1940 hot den Echternocher Student **Raymond Petit** d'LPL « Letzeburger Patriote Liga » gegrënnt, an am November 1940 hot den Albert Rodesch zesoom mam Weicherdinger Pastur a spiddere Veiner Dechen **Theodor Lesch** ën weider LPL Gruppe op Bä gesat. Den dämolige 17jähriige Student am Déikricher Kollesch a spidere Veiner Bürgermäster **Dr Raymond Frisch** hot zesomen mam Gemäncantonnier Titi Heintzen 16 Veiner an den LPL Bezirk Déikrich-Veinen opgeholl.

D'LVL « Letzeburger Vollekslegion », ën Zësommeschloss vuan 3 Reesistënz-Muvmënter ass am Juni 1941 entstaanen. 44 Veiner Membere së vuam Déikricher Distriktschef **Tony Noesen** béi der Veiner Bildchenskapeel an d'LVL opgeholl gän. Ischte Veiner Kantonalchef war de Reesistënzler a spidere Veiner **Député-Maire Victor Abens**.

Wi den 30. August 1942 d'Nazien d'Zwangsrekrutierung ousgerouf haten, ass den Dag derno an der Wëltzer Ideal-Giäwerei de Streik ousgerouf gän mat de schreckliche Konsequenzen déi mer all keenen. Wi du, än Dag derno, den 1. September 1942 och d'Uabichter ous den **2 Veiner Giäwereien Peckels a Langsdorf** sich solidarisch mat de Wëltzer Kollegen gewiesen hon, konnt **ë** schrecklicht Ënn nëmmen oofgewiért gän durch dë schlauen awer iwerdriewenen Hiwéis vuam Proprietär Langsdorf, dass sein Giäwerei e ganz, ganz wichtigen « Rüstungsbetrieb fir d'Wehrmacht » wir.

Zu Veinen sollten **48 Jungen zwangsrekrutiert** gän. D'Halschend vuan hinnen hot sich awer nët gemellt. Si hon sich verstoppt a Scheieren, an Heiser an a Bunckeren am Bësch. Änzelter déi zwangsrekrutiert waren, së béi d'Russen iwegelaf a kumen spider op Tambow, dëm russische Sammellager. 9 jung Zwangsrekrutiert sën nët méi häm komm.

Den 13. September 1942 ass du vuam Gauleiter Simon **d'Ëmsiedlung** als ofschreckend Moosnahm beschloss gän, a nët mi spit wi den 2. Dezember 1942 ass den 1. Konvoi mat 43 Veiner Persunnen ous 11 Familjen Richtung Leubus, Boberstein, Trebnitz, Koblenz a Siegen fortgangen.

Nodäms dä 10. Februar 1943 dä « **Reichsarbeitsdienst** » fir Meedercher ageféirt gän ass, se 14 Veiner Meederscher agezuore gän, fir a Spideeler, deitsch Rüstungsbetriebe udder op aner Wehrmachtsplazen ze schaffen.

Dë **14. Dezember 1943** hot Gestapo 14 Veinern Männer, bis op än, alles Membere vuan der Reesistëntorganisatiun LVL, verhaft. Sie waren vuan em ägenë LVL-Member verode gän. **D'Veiner Reesistëntzler** kuumen an KZer Hinzert, Buchenwald, Dachau, Sachsenhausen, Natzweiler, Neuengamme, Gross-Rosen, Ravensbrück a Langendiebach. Bis zum Een vuam Kréich waren **36 Veiner an dese KZer**. De Gemänesekretär Louis Bassing ass den 25. Februar 1944 mat 22 weidere Reesistënzler zu Hinzert standrechlich erschoss gän, 10 aner Veiner – 6 Fraen a 4 Männer- sën an de KZer emkomm an 2 Männer sën uan de Folge vuan hirer KZ-Haft kuorz no der Befreiung gestuowen.

Besonnig tragisch war **d'Erschéissung am Januar 1945 durch SS** béi der Maulusmillen no béi Kliérf vuan der 80jähriger Veiner **Reesistëntzler-Koppel** Jean a Grittchen Bous-Thielen. Si sën doorno einfach am Bëscht verschärt gän.

Och **Dréi Veiner Bouwen** hon hirt d'Liäwen durich Minen-Akzidënter verluor.

De 9. September 1944 hot du déi lang gewënschten Befreiung durich d'amerikanisch Truppen uagefangen wi së zu **Péiting** iwer d'Lëtzeburger Gränz komm sën. Nët mi spit wi den 10. an den 11. September 1944 hot d'Wehrmacht du déi 2 **Veiner Our-Brécken** an d'Bréck vua Bettel op Roth gesprengt. Nodäms se och d'Stross vua Veinen op Roth gesprengt haten, hon së sich iwer Roth, heim ins Reich, zeréckgezuoren. Den 11. September 1944 sën amerikanisch Unitéiten zu Stolzeburg iwer d'Our op déitsche Buodem virgestuss.

Veinen ass du tëschend den amerikanischen an dën deitsche Fronten zum **Niemansland** gän. De Veiner Reesistënzler Victor Abens hot du, zesomme mam Gendarmeriebrigadier Jos Kieffer, d' Desertören an Refraktären an der **Veiner Miliz** zesomme broucht, fir fir d'Sécherheet zu Veinen ze suorgen.

Den 12. Februar 1945, haut viruan 75 Jor ass du Veinen als leetzt Uortschaft ous dem Land vuan den amerikanischen Truppen befreit gän. Mir gedinken haut awer ganz besonnich dänen **11 amerikanisch Zaldoten** déi hei zu Veinen fir éis Fréihät an ëm frieme Land hirt Liäwe geloss hon uni awer och béi dëser Geleenhät déi aner Veiner Kréichsofer ze vergässen..

De 7. Mai 1945 ass **d'Grand-Duchesse Charlotte**, sechs Jor ni hirem Besuch béi Geleenhät vuam Centenaire vuan éiser Unofhängigkät, zeréck op Veine komm. Sie war beglät vuan de Prinzessinen Elisabeth, Marie-Adelaïde an Alix. Wie Sie ërem, wi viruan 6 Jor, an läwicht-Veinen vuam Burgermäster Edouard Wolff empfangen gän ass, war Veinen nët gerëst mat Guirlanden a Fuandelen.

D'Stëmmung war bëdréckt, Veinen war ën **Gäster-Stad**. 35 Heiser waren total zerstiirt, 47 Wuanungen waren nët méi bewuanbar a vill aner Heiser waren beschiädigt.

Ous der Fräd vuan 1939 war **grusst Läd** gän, a fir vill Veiner Familjen ë Läd wat lang nët oder nie vergäss gän ass....

Erlabt mer zum Schluss en Appel uan déi Generatiunen ze machen, déi dat grusst Läd vun dë Kréichsjoren nët erläft hon, d'Erënnerung uan déi **Lëtzeburger an Aliiert** oprecht ze erhalten däne mir haut d'Fréiheet a Wualstand an ëm demokratischen an unofhängige Land verdanken.

Mat de Kolleeginnen an de Kolleegen ous dem **Comité pour la Mémoire de la 2ième Guerre Mondiale** wëlle mer alles ënnerholen fir dat déi Erënnerung och no dësen Anniversaire-Feieren bestoe bleift.